

Eist Spill: Wou? Wat?

Dat war also an der KLACK 115 "de Kleesche vu Réimech" iwver der "Porte Saint-Nicolas"... a mir kruten 10 richteg Äntwerte bannent 2 Stonnen, 37 am Ganzen! Well den Zinnklos e gudde Mann ass, kréien all déi "richteg" Leit e kleng Bicher-Cadeau: de Colonel hon. Michel GRETSCH; d'Peggy MOES; d'Andrée REDER; d'Marie-Paule CONRARDY; d'Marie-Christine JACOBY; d'Christiane SCHINTGEN; den Albert JEROLIM; d'Carine HAAGEN an d'Nicole HUBERTY. Bravo!

A wat wësst dir dann iwver dëse Gargullen-Af... bis e Méindeg, tëscht 9 an 13 Auer?



(Photo M.V.)

Mir ginn äis net...

'ceterum censeo' (2)

An de Joeren 2004 an 2005 ass mat Recht vill a feierlech un déi Zäit erënnert ginn, wou d'Amerikaner eisem Land seng Fräiheet erëmbrecht hunn.

Héich offiziell guff un all déi geduecht, déi fir eis Heemecht gestuerwe sinn, déi am KZ, a Prisongen oder als Deportéiert gelidden hunn. Eis Zwangsrekrutéiert an déi gefale bluttjonk Leit vun de Kanounefudder-Joergäng 1920-1926 hunn déi Eier kritt, déi d'Land hinne schëlleg ass... a bleift!

Ouni hire Courage, hirt Leed, hirt Beispill, ass net gewosst, ob d'Alliiert «duerno» vill Féischte mat deem butzege Lëtzebuerg gemaach hätten: e Wutz fir Frankräich, de Recht fir d'Belsch, zou! Wéi nom 1. Weltkriech, hätten sech da schon déi «Richtig» fonnt, fir hire Profitchen aus deer Situatioun wëllen ze zéien...

Den Ufank vun eiser national-kollektiver Resistenz géint d'Nazien ass den 10. Oktober 1941 bei deer verhuellener «Personenstandsaufnahme» ze fannen... d'Haaptroll hat eis SPROOCH! Si mir dann elo - jo oder neen - no 65 Joer nach prett, eiser Heemechtssprooch déi Positioun ze halen? Da muss dat op déi héchst Manéier geschéien, déi eise Staat ze bidden huet: duerch eng däitlech Plaz an eiser Constitutioun! Wann et da misst sinn, och duerch e Referendum... ower dee war dach ewell vru 65 Joer, gelldir. Wourop waarden eis Autoritéiten dann nach? ■ H.M.

Merci, Gast GIBÉRYEN

Eis Sprooch gehéiert kenger Partei. Mir hunn ewell dacks gesot a geschriwwen, datt mir mat alle Parteie fir eis Sprooch wëllen zesumme schaffen. Dofir soll et och net "parteiësch" opgeholl ginn, datt den Här Deputéierte Gibéryien (ADR) hei fir seng parlamentaresch Fro iwver d'EU-Situatioun vun eiser Nationalsprooch un d'Regierung merci gesot kritt.

Eng kloer Äntwert huet hien net kritt; éischter eng rondrém de gliddege Bräi... "mir waarden emol of, wéi et weider geet". Wourop waarde mir dann? Bis mir EU-méisseg mat eiser Sprooch am leschte Stëbseck sëtzen? Aplaz ze soen, datt fir EU-Texter, déi fir den allgemengen a praktesche Gebrauch sinn och d'Lëtzebuergesch muss gëllen, z.B. d'Reglementer iwver d'Rechter vum Passagéier am Zuch oder am Fliger. Mir solle PRINZIPIELL en etlech däitlech Ponkten a staark Maarke setzen, Péil aschloen!

Amiperas-Statuten

Wat fir den Ament an/mat der AMIPERAS lass ass, dorém hu mir äis net ze bekëmmern... bis dodrop, datt ee munneches ka bedauern. Hire neie President, den Här Arsène Stracks huet ower an engem Interview gesot d'Statute sollen net eleng op franséisch bleiwen, mä och op däitsch iwversat ginn, well d'Kriech-Schoulgeneratioun dacks Krämpes mam Franséischen hätt. Ganz richtig, Här President! Mir mengen nach dobäi, datt et vläicht net vu Mutterwëll wier, wann déi Veräinsstatuten och an d'Lëtzebuergesch gife gesat ginn. Eise President, den Här René Faber, huet sech zënter Joere speziell an déi Matière erageschafft, an dat mat vill Erfolleg an Dankbarkeet vun enger ganzer Rëtsch vun Associatiounen.

Léif Leit vun der AMIPERAS: Wann dir elo är Statuten erëm "an der Rei" huet, dann offréiert d'ACTIOUN-LÉTZEBUERGESH iech hir Mataarbecht fir eng zerguttst Versioun an eiser Mammesprooch! AL

zwee, zwéin, zwou?

Eent vun den typeschsten Zeeche vun eiser Sprooch ass de Gebrauch vun der Zuel (dem Numeral) ZWEE. Am Däitschen, Engleschen, Franséischen ass **zwei, two, deux souzesoen "unisex": zwei Männer/Frauen/Kinder – two men/women/children – deux hommes/femmes/enfants...** ower am Lëtzebuergesch hu mir **zwéi Männer, zwou Fraen, zwee Kanner!**

Firwat gëtt et dann ewell emmer méi Leit, déi vun zwee Männer, zwee Autoen, zwee Schong asw. schwätzen? Dat schéngt alt erëm eise verléiften Hank fir d'Televisiounssprooch vun "deer anerer Säit" ze sinn. Well virum 1. an 2. "TV-Preis" huet kee Mënsch vun zwee Männer geschwat. Doriwwer kann ee sech jo ower vläicht seng Gedanke maachen. Oder net?

Natierlech kann een dat (alt erëm) ënner "normal" Sprooch-Evolutioun klasséieren; vläicht ower och ënner Sprooch-Lazegkeet. ■ P.W.

Kuraasch?

Am Prinzip schreiw mir Wieder aus anere Sproochen esou wéi si original do geschriwwen ginn. Dat gëtt et och am Engleschen, Franséischen, Däitschen asw. Mir Lëtzebuergere kënnen äis dat apaart liicht leeschten, well mir an deene Sproochen zimlech gutt "doheem" sinn.

Dofir brauche mir äis och keng extra Méi ze ginn, fir z.B. aus **Courage** elo Kuraasch, oder aus Dictionnaire, Comité, Communiqué en Dixonär, e Kommittee an e Kommunikée ze maachen. Iwregens: Wéi heescht dem Bertolt Brecht säi Stéck vun deer couragierter Mamm? "Mutter Courage", an net "Mutter Kuraje". Also.

Schlecht Pisaner? vum Lex Roth


Mir hunn zënter Generatiounen op däitsch liesen a schreiw geléiert. Mat 7 Joer ginn d'Lëtzebuergere Kanner an d'Franséisch «gezappt». Ass dat gutt oder falsch? Et ass ganz einfach richtig: direkt mat zwéi Féiss an zwou friem Héich- a Kultursproochen! Déi fréi Zweek- an Dräisproochegkeet rappt äis e **formidabele Sproochenhorizont op, duerch dee mir et ä.a. d'ganz Liewen zimlech «normal» fannen, datt et och nach «aner Leit» op der Welt gëtt!** "Alles PISA oder was?!" Datt eis eege Sprooch schoulméisseg e Stéifkand ass, dat wier en anert Kapitel, an doriwwer wäerte mir äis och nach (erëm) ënnerhalen.

Fir d'Fransouse schéngt et bal nëmme «francophones» ze ginn; «d'Angelsachsen», déi schwätzen ongenéiert duerch d'Welt hir Sprooch... déi aner kënnen sech jo rappen. Ouni falsch Schimmt gesot: Et gëtt knapps eng besser Sprooch-Situatioun wéi eis lëtzebuergesch, fir d'Weltsprooch Englesch an och anerer séier an zimlech éierbar ze léieren. **Dat «Angelsächsescht» ass nun emol eng germano-romanesch Mëschung, déi mir Lëtzebuergere, am Normalfall, spéitstens vun 11 Joer un zimlech onni Gedäisch an de Grëff kréie kënnen...** wann et pädagogesch gewieweg ugepaakt gëtt! Heiriwer solle mir äis roueg eng Hatt voll mengen. Schléisslech sinn déi meescht däitsch Leit, d'Fransousen, d'Englänner asw. am Verglach baussent hire Sprooch-Grenzen dach Stëmmercher! PISA?

Datt mir hei esou «eppes komme loossen», dat ka vläicht dësen oder dee verwonneren. Ower wien eng Iddi vu Psychologie an / oder eng Formatioun / Praxis als Pädagog huet, fir deen ass **eis Sprooch-Situatioun en Ideal-Zoustand, dee keen anert «PISA-Land» opweises huet**, basta! Dofir passe mir och knapps, schlecht oder guer net bei «d'Pisaner». Souguer wann déi sougenannt «wëssenschaftlech» Fächer duerch eise Sprooch-Milieu net esou gutt ewechkommen, huet dat ower ni verhënnert, datt eist Land an de leschten 200 Joer - vum Mathematiker Tunn Meyer, bis haut bei eis Top-Medezinner, Physiker, Geologen, Chimisten asw. - trotzdem uechter d'ganz Welt an och heiheim formidabel Perséinlechkeete «sëtzen» huet. An de Lëschte vun den «Anciens de l'Athénée» gi mir z.B. net fäerdeg mat Verwonneren iwver déi houfreg Phalanx vun dichtege Wëssenschaftler, déi eleng des Schoul am 19. an 20. Joerhonnert an d'Welt geschéckt huet. Ouni PISA!

Net ze vergiessen: Eise Sprooch-System huet och domat ze dinn, datt eis jonk Leit onni (Sprooch)Krämpes op jidfer franséisch-, däitsch- oder englesch-sproocheg Héichschoul kënnen stodéiere goen! Déi Iwwerleeung féiert äis eeriicht bei **en onverwieselbart Stéck vun der Lëtzebuergere Identitéit...** eis sougenannt «Intelligenzia» ass sproochlech esou weltwäit op ewéi knapps eng aner. Dat soll net an absoluten Zuele vun Nobel-Präisser verstane ginn. A Prozenter vun der Populatioun ausgedréckt gëtt dat méi séier kloer: mir si populationsméisseg jo nëmme ca. 0,8% resp. 0,6% vu Frankräich an Däitschland!

Ënner dem Stréch war, ass a bleift eis Triglossie (Dräisproochegkeet) déi ideal Léisung fir e Land ewéi dee butzege Grand-Duché, dëse Landkaarte-Schéngelchen, wou ee vun der Belsch, Däitschland oder Frankräich erfert ferm op d'Brems muss klammen, fir net gläich an en drëtt Land ze rëtschen. Wien dat bis an de leschte Wutz duerchdenkt, deem geet gläich op, datt et eis **Heemechts-, Mammen- Nationalsprooch ass, wéinst deer mir sproochlech net eesäiteg («eeläseg!») sinn.** D'Lëtzebuergesch ass de Kär vun deer Sproochsituatioun, fir déi mir esou vill an dacks beneit ginn... an deer mir och economesch vill ze verdanken hunn.



Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch

Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 35.000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

39,50 €

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).